Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun a Medien, Finanzen, Ëffentlechen Déngscht & Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.

An der Äntwert aus menger parlamentarescher Fro n°881 goung ervir, dass de Verbrauch an d'Käschte vum Pabeier beim Staat relativ stabil bliwwen ass. Och wa verschidde Prozeduren digitaliséiert ginn, esou setzt de Staat aktuell nach vill op de Pabeierdrock fir zum Beispill Informatiounsbroschüren hierzestellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi sinn d'Drockopträg beim Staat gereegelt? Gi gréisser Drockopträg iwwert ee Marché public bestëmmt oder existéiert eng Konventioun tëscht dem Staat an engem Fournisseur?

2. Kann d'Regierung eis eng Lëscht vun den Drockopträg opstellen, dëst opgeschlësselt no
   - Joer (vun 2012 bis 2019),
   - no Fournisseur (D'Dréckerei)
   - a nom Käschtevolume fir all d'Opträg vum Fournisseur fir dat Joer?

3. Setzt d'Regierung bei den Drockopträg dorobber, dass de Fournisseur Recyclingspabéier benotzt?
   - Falls nee, wéi vill Prozent vun den Opträg ginn op normalem Pabeier gedréckt?

4. Ginn bei den Drockopträg Faarwen op Uelegbasis benotzt?
   - Falls jo, wisou setzt d'Regierung hei net op planzlech Faarwen?

5. Ginn Drockprodukter, déi net méi gebraucht ginn, recycelt?

6. Gëtt bei den Drockopträg och d'Nohaltegkeet vum Fournisseur consideréiert, wéi zum Beispill d'CO2-Bilanz?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange